



REÇU  
Par Christine Wirgen, 10:36, 03/03/2021

Fernand ETGEN  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/03/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

An engem Interview vum 19te Februar huet de Minister fir bannenzeg Sécherheet beriicht, dass ronn 800 Leit hier Kandidatur gestallt haten, fir bei der Police ze schaffen, woubäi zum Schluss an engem Selektiounsprozess 200 Persounen ausgewielt goufen.

De Minister gëtt heizou wéi follegt zitéiert:

*„Wann der Leit astellt, kënnst ni jidderee bäi. Mä do si mer um excellente Wee, déi 200 bäi ze kréien. Wann een déi heiten Diskussioun virun engem Joer gefouert hätt, hätt ee gesot, et wier surrealistesch, déi 200 Persounen ze fannen. Elo hate mer der 700 + 100 fonnt.“*

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi de Minister an der Äntwert op d'Fro Nummer 3444 geschriwwen hat, gouf kee Kandidat opgrond vum Sproochentest eliminéiert.
  1. Wéi vill Kandidaten waren no der Réunion préliminaire vun den Examenskommissiounen fir de Sproochentest virgesinn?
  2. Wéi vill Kandidaten waren no der Réunion préliminaire vun den Examenskommissiounen fir de Sportsexamen virgesinn?
  3. Wéi vill Kandidaten waren no der Réunion préliminaire vun den Examenskommissiounen fir de psychologeschen Test virgesinn?
  4. Wéi vill Kandidaten waren no der Réunion préliminaire vun den Examenskommissiounen fir de finalen Entretien virgesinn?
  5. Wéi vill Kandidaten hunn um Sportsexamen deelgeholl an dësen gepackt?
  6. Wéi vill Kandidaten hunn um psychologeschen Test deelgeholl an dësen gepackt?
  7. Wéi vill Kandidaten hunn um finalen Entretien deelgeholl?
2. De Minister huet an der Äntwert op d'Fro n°3444 geschriwwen:

Wéi am Artikel 8 (1) vum groussherzogleche Reglement vum 29. Juli 2020 virgesinn, leet de President vun der Examenskommissioun dei sennvoll



("utile") Moosname fest fir d'Anonymiteit vun de Kandidaten an de Secret vun den Tester an den Deliberatiounen ze halen.

Wat fir eng sënnvoll Moosnamen goufe getraff, fir d'Anonymiteit vun de Kandidaten an deemno d'Neutralitéit vun der Bewäertung kënnen ze garantéieren?

3. Weider huet de Minister a senger Äntwert op d'Fro n°3444 folgend Aussoe gemaach:

I. Jo, eng Rei Kandidaten hunn eng Reklamatioun bei der General Inspektioun vun der Police (IGP) agereecht.

[...]

II. bei de psychologeschen Tester an dem Entretien wier eng Anonymiteit net nëmme kontraproduktiv, mee carrement contraire zu der Logik vun desen Epreuven.

1. Kann de Minister ausschléissen, dass Membere vun der Examenskommissioun matkruten, dass Kandidaten sech bei der IGP beschwéiert hunn? Falls jo, op Basis vu wéi enge Fakte kann hien dat ausschléissen?

2. Wat fir eng sënnvoll Moosname goufe getraff, fir kënnen d'Anonymiteit vu grad dëse Kandidaten ze garantéieren?

4. Während fir de Sportstest an de psychologeschen Test kloer Krittären am groussherzogleche Reglement vum 29te Juli 2020 festgeluecht goufen, sou bleift den Text dach relativ stomm, wat d'Evaluatioun am perséinlechen Entretien betrëfft.

1. Op Basis vu wéi enger Grille d'Evaluatioun goufen d'Kandidaten am finalen Entretien evaluéiert an eliminéiert?

2. Wien bestëmmt an dësem Entretien, ob de Kandidat et an d'Selektioun gepackt huet?

5. Gouf bei den Tester vun 2021 een Hannergrondcheck vun de Kandidaten duerchgefouert? Falls jo, wéi eng Fichieren goufen hefir gekuckt an op Basis vu wéi enger legaler Basis gouf dëst gemaach?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc  
Député





CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff  
Service des séances plénières et  
secrétariat général  
Tél : 466.966.223  
Fax : 466.966.210  
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Luxembourg

Luxembourg, le 03 mars 2021

Objet : Question parlementaire n° 3754 du 03.03.2021 de Monsieur le Député Marc Goergen -  
Recrutement auprès de la Police grand-ducale

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin  
que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen  
Président de la Chambre des Députés